PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 FEV. 2019
328

Lëtzebuerg, den 08/02/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Et ginn zu Lëtzebuerg Busarrêten, déi net iwwert en Trottoir ze erreeche sinn, well se sech niewend enger Landstrooss oder enger Industriezone befannen. Fir Léit, déi an Dierfer oder Lieu-dit'e wunnen, déi duerch keng aner Haltestellen un d'Busnetz ugebonne sinn, bedeit dat, datt si sech um Rand vu befuere Stroossen erhiefleche Risike mussen aussetzen, fir bis bei de Busarrêt oder bis bei hiert Doheem ze kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Busarrêten sinn, opgelescht no Gemeng, aktuell net iwwert en Trottoir mat enger Wunnzone verbonen?
- Huet de Minister fir, Dierfer a Lieu-dit'en, déi aktuell kee Busarrêt hunn, deen iwwert e Foussgängerwee erreechbar ass, besser un d'Busnetz unzeschléissen? Huet de Minister an deem Kontext fir, méi Busarrêten oder méi Trottoirë bauen ze loossen? Op wéi enge Platze si konkret Projete virgesinn?
- Ass virum Hannergrond, datt Léit och wann de Bus gratis ass, dësen net huele wäerten, wann se dofir geféierlech Stroossen passéiere mussen, domat ze rechnen, dass an dësem Beräich Verbesserunge virgeholl ginn, éier den ëffentlechen Transport gratis gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 février 2019

Objet : Question parlementaire n° 338 du 08.02.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Accessibilité des arrêts de bus

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés